

viregter Regierung, an där ech och war, war et och schonn esou. An do hate mer jo och schonn Echängé grad iwwert dat Theema vun den Öffnungszäiten, fir déi kënnen unzepassen.

Wëlle mer d'Öffnungszäiten am Kader vun de Sonndesstonnen änneren, déi vu véier op aacht eropginn am Projet de loi, wéi en deposéiert ginn ass? Neen, net an deem Kader, mee an deem Kader, wou ech Iech gesot hunn, wou mer müssen d'Öffnungszäiten änneren, well dat Gesetz nëmmen nach wéinst den Derogatioune fonctionéiert. Also an deem Kader beweege mer eis, wou mer müssen un dat Gesetz hei goen.

Är drëtt Fro: „Gouf et schonn Echangen?“ Jo, et gouf schonn Echangen, net méi spéit wéi gëschter hunn ech nach d'Gewerkschafte gesinn, fir mat hinnen en éischten Echange ze hunn iwwert dat Gesetz vun den Heure-de-fermeturen. Mir wäerten awer och – an déi Rendez-vous stinn och schonn – mat deene verschiddene Federatiounen och Echangen hunn, wéi si dat gesi mat deem Gesetz, mat deenen Upassungen, déi een do misst maachen.

Dann hat Der eng véiert Fro iwwert d'Aarbeitszäitverlängerung. Et ass keng Arbeitszäitverlängerung, well ech hunn Iech jo gesot: Mir hunn am Fong schonn eng Liberaliséierung vun den Öffnungszäiten, andeem mer alleguerten déi Derogatioune ginn. Dat heescht et ass keng Verlängerung vun der Arbeitszäit. Den Impakt vun engem Gesetz, wéini e Buttek dierf opmaachen, ass net en lien dermat, wéi vill Stonnen ech am Dag dierf schaffen. Et heescht just: Dierf ech de Buttek opspären oder zouspären? Déi aacht Stonnen am Dag, déi Sonndesstonnen an esou weider, dat bleift nach ëmmer alles d'nämmlecht. Et geet hei just drëm, wéini ech e Buttek dierf opmaachen a wéini ech en net dierf opmaachen, soudass mer amgaange sinn, un deem doten Text ze schaffen am Echange mat alleguerten de Sozialpartner.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wäeren dann dës Fro an dëse Punkt ofgeschloss.

10. 8250 – Projet de loi concernant le comptage divisionnaire et la répartition des coûts de chaleur, de froid et d'eau chaude sanitaire

An da kéime mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8250 iwwert de Comptage divisionnaire an d'Käschteverdeelung vum Hëtzes, vum Ofkille souwéi vum waarme Sanitärwaasser. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno huet de Rapporteur 10 Minuten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitäten hu 5 Minuten, d'Regierung huet 10 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, den Här Tom Weidig, d'Madame Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An den Här Engel. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Goldschmidt.

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

M. Patrick Goldschmidt (DP), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi, deen ech Iech elo virstellen, transposéiere mer d'Direktiv 2000/2002 (veuillez lire: d'Direktiv 2018/2002) vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 11. Dezember 2018. Et geet heibäi ëm déi sougenannten Energieeffizienzdirektiv a méi speziell ëm de Comptage divisionnaire.

Ëm wat geet et hei genee? Mee beim Comptage divisionnaire geet et dorëms, iwwerall do, wou a Kollektivlogementen méi wéi eng Unitéit ass, Reegelen opzestellen, wéi d'Ofrechnungen, wat d'Heizen, waarmt Waasser an d'Keelt betrëfft, solle gemaach ginn, wéi eng Informatiounen d'Leit musse kréien a wéi dacks an ob eventuell zousätzlech Compteur mussen installéiert ginn oder net.

Et geet hei ëm d'Relatioun tëschent Propriétaires a Locataires an d'Haaptzil ass, d'Leit, also d'Consommateuren, reegelméisseg – an dësem Fall monatlech – iwwert d'reell Energieconsommation ze informéieren, an der Hoffnung, dass si hiert Verhalen dësen Donnéeën no upassen an optimiséieren, fir manner Energie ze consomméieren an esou och Suen ze spueren.

D'Informatiounen beinhalten och den Energieverbrauch a kWh, well d'Käschten eeben och kënnen steigen duerch e Präisustig an net onbedéngt duerch e Méiverbrauch. A priori ass et dann och eng Obligatioun, de Consommateur all Mount ze informéieren.

Mee et gëtt vill Ausnahmen. Den Artikel 3 vum Projet de loi nennt der och do eng ganz Rétsch. Zum Beispill ass et obligatoresch, mee nëmmen dann, wann et och rentabel an technesch méiglech ass. Wat heescht dann elo an dësem Fall rentabel? Ma zum Beispill ass et, wat d'thermesch Isolatioun ugeet, bei neie Gebaier vun der Klass A, B, C oder D, oder bei deene Gebaier, wou manner wéi 80 kWh pro Quadratmeter verbraucht gëtt, net obligatoresch, well d'Potenzial, anzuspieren, relativ kleng ass. Wat par contre ëmmer obligatoresch ass, dat sinn Informatiounen iwwert de Waarmwaasserverbrauch.

En anert Beispill, wou keng Obligatioun besteet, ass, wann d'Käschte fir d'Installatioun vum Compteur méi héich si wéi eng potenziell 10 %-Aspuerung iwwer zéng Joer. Rentabel heescht also hei: Et soll sech lounen, et soll d'Leit net méi kaschte wéi dat, wat se aspuere kéinten. Och déi rezent Konstruktiounen, déi gutt isoléiert sinn, si vun dëser Obligatioun ausgeschloss.

Dëse Gesetzestext gesäit och vir, dass all betreffend Gebai bis 2027 dës Konditiounen respektéiert. En anere wichteg Volet vun dësem Gesetzesprojet ass den RGPD, also den Dateschutz. Wéi eng Donnéeë muss een de Leit weiderginn? Wat geschitt mat de Consommationsdonnéeën? A wien huet dorop Zougrëff? Wat kréien ech als Verbraucher un Donnéeën an ënner wéi enger Form? Wien ass responsible fir den Traitement vun den Donnéeën? A firwat genee ginn déi schlussendlech benotzt? Ween dierf weem wéi eng Donnéeë weiderginn? A wat geschitt zum Beispill, wann e Locataire wiesselt? Alles dat ass am Text am Artikel 11 beschriwwen a gereegelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Text bitt eng gréisser Transparenz fir d'Leit, also fir d'Consommateuren, well den Informationsfluss tëschent Propriétaires a Locataires besser a méi transparent gereegelt gëtt.

Mir hunn am Kader vun dësem Projet och eng sëllegen Avisen erakritt an och Diskussiounen mam Secteur gefouert an der Kommissioun. De Staatsrot hat a sengem éischten Avis e puer Oppositionen formelles ausgeschwat. Fir de Staatsrot sollt am Text ganz kloer an explizitt opgefouert ginn, mat wat fir Konsequenzen ze rechnen wier, wann een den Obligatiounen, déi am Text festgehalen sinn, net géif nokommen. Et sollt och e Recours en réformation géint Amendementen, déi vum Minister ausgeschwat ginn, virgesi ginn. Dës Oppositionen konnten duerch Amendements gouvernementaux behuene ginn.

D'Chambre de Commerce hat sech un e puer Definitiven an techneschen Dispositiounen gestéiert, huet

de Projet de loi awer allgemeng begréisst an och d'Intentioun, de Consommateur besser iwwer seng Energieconsommation ze informéieren.

Déi national Dateschutzkommissioun huet d'Avantagë vun den intelligente Compteurën ënnerstrach an e puer Upassungen am Kader vum RGPD virgeschloen, déi duerch d'Amendementen konnten an den Text integréiert ginn.

Kuerz nach zu de verschiddenen Artikelen – et sinn der am Ganzen zwielef. Den Artikel 2 definéiert, wéi wat wou muss installéieren. Am Artikel 3 ginn d'Exceptionen gekläert. D'Artikelen 4 bis 6 beschreiben technesch Detailler. Den Artikel 7 definéiert, wéi eng Informatiounen iwwert déi technesch Installatiounen d'Propriétaires wéini a wéi an a wéi enger Form un d'Locataires weiderginn. Am Artikel 8 geet et ëm d'Sanktiounen, wann ee sech net un d'Gesetz hält. Den Artikel 9 erkläert, wéi d'Käschten ze verdeelen sinn. Am Artikel 10 gëtt festgehalen, wéi eng Informatiounen am Zesammenhang mat der Consommation a Facturation un d'Endkonsumenten adresséiert ginn. An den Artikel 11 betrëfft RGPD-Froen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domadder schléissen ech mäi mëndleche Rapport of. Fir all weider Informatiounen verweisen ech op de schrëftleche Rapport. An zousätzlech, well et sech ëm en technesche Gesetzesprojet handelt a fir de Grand public besser ze informéieren, fënnt ee vun elo un um Site klima-agence.lu all detailléiert Informatiounen, déi den Endkonsument kéinten an dësem Zesammenhang interesséieren.

An dann, Här President, am Numm vu menger Fraktioun, ginn ech den Accord zu dësem Projet de loi a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschtenen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goldschmidt. Ech soen Iech als Rapporteur villmools Merci fir Äre mëndlechen a fir Äre schrëftleche Rapport.

An deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jeff Boonen. Här Boonen.

Discussion générale

M. Jeff Boonen (CSV) | Jo, merci, Här President. De Rapporteur huet déi technesch Aspekter vun dësem Text erkläert. Et geet drëm, Energie ze spueren. Mir begrëssen dat och als CSV.

A virun allem wëll ech soen, dass mer begrëssen, dass hei Ännerungen an deem Text gemaach gi sinn op Basis vun den Avisen, déi erakomm sinn, dass ënner anerem déi Ausnahmen ageschriwwen gi si fir Haiser, déi net vill Energie brauchen, awer och Plazen, wou et net méiglech ass respektiv ze deieren ass, déi Compteurën ze installéieren. Dat ass wierklech eng pragmatesch Approche, well wat bréngt et eis, Energie ze spueren, wann d'Käschten esou deieren sinn? Déi Compteurën kaschte vill bei dem Investissement, wa se kaaft ginn, si hunn awer och en därmoossen deieren Ënnerhalt. An dofir begrësse mer, dass dat agedroe ginn ass, dass dat vereinfacht ginn ass.

A mir begrëssen och, dass hei d'Recommandatiounen a punkto Dateschutz iwwerholl gi sinn, fir ze soen, dass déi Date just gesammelt gi fir d'Zwecker vun dem Energieverbrauch vun de Leit.

Domat ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Boonen. Dann ass et um Här Engel.

M. Georges Engel (LSAP) | Merci, Här President. Jo, hei gëtt jo eng EU-Direktiv ëmgesat. Dat ass jo vir-drin och gesot ginn. A mir ginn och dozou eisen Accord.

U sech ass et jo gutt, Energie ze spueren an och Käschten anzespieren. Dat ass alles ganz gutt. Mee et ass éischter an der Theorie ..., soudass dee Projet hei an der Theorie warscheinlech méi wäert brénge wéi an der Praxis, well et geet net duer, dass mer moossen, wéi séier oder wivill Energie mer wou aspieren, wa mer ronderëm en Haus hunn, dat net uerdentlech isoléiert ass. An ech mengen, dass mer müssen derfir suergen, dass och op deem Niveau d'Leit gehollef kréien, fir hir Haiser kënnen ze isoléieren, fir datt se och kënnen nei Apparater kafen, déi manner energieintensiv sinn, a fir dass och deene Recommandatiounen, déi ënner anerem och am Avis vun der Chambre des Salariés stoungen, Rechnung ka gedroe ginn.

Ech hu ganz gutt nogelauschert, wat den Här Goldschmidt als Rapporteur gesot huet, deen dat hei jo och tiptopp gemaach huet. Mee en huet awer de Rapport vun der Salariatskummer net ernimmt, well en net hei am Projet mat dra war. Déi hunn awer en Avis geschriwwen. An et wär, mengen ech, dofir awer wichtig, datt ee bei esou Projekte wéi deem heiten allegueren d'Avisen da mat derbäihëlt, ënner anerem dee vun der Salariatskummer, deen och ganz gutt war an deen haaptsächlech och op déi Leit agaangen ass, déi manner Revenu hunn, fir ze kucken, hei och deenen esou gutt wéi méiglech ze hëllefen. Voilà.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engel. Dann ass et um Här Tom Weidig. Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Merci, Här President. Mir als ADR sinn natierlech derfir, datt Ressourcen agespuert ginn. Dat mécht souwuel ekologesch wéi och ekonomesch Sënn. Duerfir ass et och sënnavoll, datt d'Bierger genau wëssen, wat si individuell verbrauchen, fir e méiglechst gutt Verständnis vun hirem eegene Konsumverhalten ze kréien.

Mir sinn awer och skeptesch aus zwee Grënn. Éischten: d'Ëmsetzung vun de Mesuren, well domat potenziell e System, dee gutt fonctionéiert, virun der Zäit muss ersat ginn. A mir wësse jo elo schon, wéi schwier sech eng Kopropriétéit an e Syndicat verwalte loosse. Do wär et besser gewiescht, sech op Apparater, déi müssen ersat ginn, ze begrenzen, amplaz datt d'Leit bewiese mussen, datt se et net kënnen maachen oder datt dat sech finanziell net lount. Dat heiten ass nees e Beispill vun enger zentralistescher EU-Direktiv, déi, wann et wierklech an d'Detailer geet vun der Realitéit, net pragmatesch genuch ass.

Zweetens gëtt hei nees den Iwwerwaachungsstaat weider ausgebaut. De perséinleche Konsum vun nach vill méi eenzelne Stéit kann domadder gemooss ginn. An déi Date sinn ëmmer iergendwou gespäichert. Eng Studie an Däitschland huet gewisen, datt um Pabeier den Dateschutz garantéiert ass, mee an der Realitéit ass kaum ze erwaarden, datt kleng a mëttelgrouss Syndicater dat an der néideger Prezisioun hikeréien. Et kann am schlëmmste Fall souguer geschéien, datt Abriecher sech Zougang zu deenen ongeschützten Date verschafen a wëssen, wéini d'Leit doheim sinn.

Duerfir wäerte mir eis bei deem heite Gesetzesprojet enthalten. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Joëlle Welfring. Madamm Welfring.

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Här President, ech géif heimadder gären den Accord gi vun eiser Sensibilitéit fir dëse Projet de loi, dee ganz wichtig ass. Et ass ee Bausteen an engem ganz grouse Wierk, wou mer müssen an eng Richtung komme vun enger Transitioun. Nëmme dat, wat ee kennt, kann ee

verbesseren, an dat heiten dréit ganz kloer zur Transparenz vum Konsum vun Energie bäi. An ech denken, dass am Sënn vun der Transparenz dat heiten och sollt ëmgasat ginn. An dofir stëmme mir deem heiten zou.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Deem kann ech mech just uschlëssen.

Vläicht ee kleng Bemoll: Et hätt ee sech gewënscht, datt et bei der Zurverfügungstellung vun deenen Informatiounen fir de Konsument vläicht nach vill méi kloer gewiescht wär, wat do d'Obligatiounen sinn, datt déi méi einfach accessibel wäeren. Do gëtt et nach e puer sou Loopholes am Text, wou een et vläicht dann awer ka relativ schwéier maachen, datt de Konsument un déi Informatiounen kënnt, déi en u sech zegutt huet.

Bon, dat si wierklech ganz, ganz kleng Bemollen. Insgesamt erhéicht dat heiten d'Transparenz vum Verbrauch. Et erhéicht och d'Reaktivitéit vum Verbraucher, fir säi Verbrauch kënnen unzepassen u seng perséinlech Situatioun. An dofir kann een hei nëmme den Accord ginn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten eisen Accord zu deem Projet de loi natierlech och ginn. Energie ze spueren, ass natierlech wichtig an ech mengen, déi meescht Leit versichen, dat souwisou och ëmmer ze maachen, zemoos wann een net vill Ressourcen huet. Wann een och nach Mëttelen huet, fir dat besser ze organiséieren, ass dat jo natierlech ëmmer gutt.

Mee bon, dat ass net déi absolut Finalitéit. Do muss een awer weiderhin doriwwer diskutéieren, wéi ee géint d'Energiearmut virgeet. An dat huet domadder ze dinn, datt d'Energie an ëffentlecher Hand muss bliwen an datt een och a Richtung geet vun enger Staffellung vun den Energiepräisser, fir sécherzestellen, datt jiddereen Accès huet zu där Energie, déi e braucht, an dat natierlech, ouni Energie ze verbëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Dat war de Schluss vun der Lëscht vun den ageschriwwene Riedner.

An dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Jo, ech mengen, et ass ganz vill gesot ginn. Ech wëll just ganz kuerz nach eng Kéier op déi eenzel Eckpunkten agoen.

Et ass ganz wichtig, dass mer eebe grad déi Upassung gemaach hunn, wéi den Här Boonen se och ugeschwat huet, dass et duerno net esou ass, dass mer vill Méikäschten am Fong verursaachen, fir kleng Adaptatiounen kënnen ze maachen.

Neanmoins gesinn ech et awer genau esou, wéi d'Madamm Welfring och gesot huet: dass et e weidere Bausteen ass. An dofir och op déi Remark, déi vun Här Engel gesot ginn ass oder awer och hei vun deene Lénke gesot ginn ass: Et ass een Deel vun engem Ensemble. Mir wësse ganz genau, dass mer mat dem Comptage divisionnaire keng Fassad wäerten isoléieren. Mir wëssen awer, dass mir, wa mer de Comptage divisionnaire obligatoresch

gemaach hunn, wéi et mat deem Text hei geschitt, un der Effizienz schaffe kënnen, dass een also de Leit d'Méiglechkeet gëtt, iwwerhaupt mol ze moossen: Majo, wivill waarmt Waasser brauch ech dann iwwerhaupt genau? Wéi kann ech dat pro Mount erausfannen? Wat kann ech maachen, fir es anzespieren, fir och déi Sensibiliséierung ronderëm ze maachen? Well haut ass dat nach net iwwerall garantéiert. Dofir ass deem Text hei wichtig, fir an där Energieeffizienz weiderzekomme. An et ass genau ee Baustee vu villen.

Ech kéint Iech elo hei soen, dass et och hei ëm Klimabonusaidé geet, fir d'Renovatiounen ze maachen. Majo, do gesi mer: Wat ass, wann ech eng Renovatioun maachen? Brauch ech dann och manner? Op der anerer Säit: Energiearmut. Och do natierlech: Majo, wéi kann ech, wann ech dann esou héich Käschten, Niewekäschten hunn, dann do déi Upassung maachen? Da komme mer bei de Klimabonus, da komme mer bei aner Aiden an aner Regimenter.

Et gesäit een also: ee weidere Baustee fir weiderzekomme.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann dës Diskussioun ofgeschloss a mir géngen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8250 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8250¹⁰.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8250 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Nach e klengen Effort, da si mer esou wäit. Ech gesinn, dat ass net de Fall. Da schlëssen ech de Vott heimat of.

D'Resultat vum Vott ass: 54 Jo-Stëmme a 5 Abstenttiounen. Domat ass dëse Projet de loi ugeholl mat 54 Jo-Stëmme bei 5 Abstenttiounen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Françoise Kemp), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par M. Ricardo Marques), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par Mme Stéphanie Weydert), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par M. Jeff Boonen), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.